# Ee Bunkerdenkmol fir Knapphouschent

## Neit Monument zu Éiere vu véier Refractairen an hire Versuerger gëtt de 5. Mee ageweit

Op Invitatioun vun der „Enrôlés de force"-Sektioun Béigen-Houfelt gëtt deen nächste Sonndeg, de 5. Mee, zu Knapphouschent een neit Denkmol an Erënnerung un di véier Bunkerjonge Jos Turmes (Knapphouschent), Jos Wolwert (Lëtzebuerg), Pol Berscheid (Selschent) a Jean Keipes (Knapphouschent) an hir Versuerger a Beschützer vun der Famill Schlesser-Reding bzw. Reding-Turmes ageweit.

Bal 70 Jor nodeems di véier Jonge méintelaang an engem selwer ageriichte Bunker „am Héirech" bäi Knapphouschent virun der Zwangsrekrutéierung, der Ëmsiidlung an dem Terror vun de Nazi-Besatzer musste baangen, hunn de Josy Turmes, als leschten Zäitzeien, an den Emile Schlesser op dëser Plaz ee Bunker ewéi dee vu 1944 an och eng Gedenkplaquette opgeriicht, dëst als Denkmol un d'Leed, mä och un d'Solidaritéit vun deemools.

Mat ugepaakt bäi dëser ongewéinlecher Aktioun hunn awer och d'Nokomme vun deenen anere Bunkerjongen, déi sou e Monument geschaf hunn, dat de Public d'Geschicht vun de Refractairen onmëttelbar an och androcksvoll erliewe léisst.

D'Aweiungsfeierlechkeete fänken de 5. Mee um 9.30 Auer mat enger Mass fir all liewend a verstuerwe Membere vun der „Enrôlés de force"-Sektioun Béigen-Houfelt an der Kierch zu Knapphouschent un. Zelebréiert gëtt dëse Gottesdéngscht vum Deche Martin Molitor, gesonge vun de Choralen Angelsbierg a Fëschbech. Um 10.30 Auer an um 15 Auer féieren dann zwou Visites guidées zu Fouss iwwer ronn ee Kilometer bis bei de Bunker „am Héirech", wou de Josy Turmes de Leit Erklärunge gëtt. Wee mat der Jeep wëll gefouert ginn, ka sech um Tel. 691 920 598 mellen.

Dertëscht gëtt an der Robbesscheier zu Munzen géint 12.30 Auer mateneen zu Mëtteg giess (Umellungen um Tel. 92 02 38 bzw. 621 166 614). Nom Iessen hält d'Sektioun do iwwregens och hir Generalversammlung of. (jl)